Schumacher gefouert huet. An enger ausseruerdentlecher Generalversammlung gouf de Bram Krieps am Januar zum neie Chef vum SIS gewielt a méttlerweil vun de Gemengeréit vu Conter a Waldbriedemes an dëser Funktioun nominéiert. An der Generalversammlung vum 9. März stoung dunn d'Wiel vum Chef de Corps adjoint am Méttelpunkt, nodeems dëse Posten duerch dem Bram seng Nominatioun als Chef vum SIS vakant gi war.

Eenzege Kandidat war de Nicolas Gengler, deen dunn och per Akklamatioun gewielt gouf.

De Keessier Christian Herbrink konnt vun engem liichte Malus am Joer 2016 berichten, bei enger gesonder finanzieller Situatioun vum Corps. E Merci gong un déi 3 Amicalen vu Conter, Mutfert-Méideng a Waldbriedemes fir hier finanziell Ënnerstëtzung am vergaangene Joer. Domat konnt enner anerem fir de Patt no der Übung gesuergt ginn, a verschidden Aktivitéite vun der Jugend finanzéiert ginn. Déi 3 Amicalen hunn op e gemittlechen Owend agelueden, wat vun de Membere vum SIS-CCW positiv opgehol gouf.

Fir déi uschléissend Presentatioun vum Bilan, konnt de Chef vum SIS eng ganz Rei Éieregäschter begrüessen, dorënner déi zwee Buergermeeschteren, mat Verrieder vun de Schäffen-a Gemengeréit a Verrieder vun der



Yves Schumacher

neie Centre d'Intervention zu Mutfert am Virdergrond steet. Schonn am vergaangene Joer gouf sech duerch eng Restrukturatioun vum Fierpark, déi nach am Gaangen ass, an duerch eng Ëmorganisatioun vum Erausfueren (net méi vun 3 Standuerter, mee vun engem zentrale Standuert) e wéineg dorop virbereet. Do dernieft steet déi no Zukunft ganz am Zeeche vun der Reform vun de Rettungsdéngschter, mat allem, wat dat mat sech bréngt.

An enger Gedenkminutt ass alle verstuerwene Memberen an Éieremembere geduecht ginn, besonnesch dem Éierekommandant Georges Hansen, deen eis onerwaart verlooss huet.

D'Nancy Schlammes huet eng leschte Kéier de Rapport vun der Jugendsektioun gemaach, nodeems hatt fir Enn 2016 säi Récktrëtt als Jugendleederin ugekënnegt hat. Aktuell si 27 Jugendlecher aus de Gemenge Conter a Waldbriedemes an de Jugendpompjeeën ageschriwwen. Héichpunkter fir si waren am leschte Joer den „Adventure Day“ am Juli, eng Halloween Party, de Nationale Concours an de Wëssenstest. Bei der nationaler Schwammmeeschterschaft a beim Cross konnten erëm eng Kéier Medaile gesammelt ginn. D'Nancy huet senger Successeure vill Freed an Erfolleg fir hier nei a schwéier Tâche gewënscht.

Am Tätigkeetsbericht ass de fréiere Chef vum SIS Yves Schumacher op déi alljährlech Aktivitéiten agaangen. De Corps war op allen kierchlechen an ëffentleche Feieren derbäi a war vertrauten op Generalversammlungen an Aweiunge vu Landesverband, Regionalverband a Nopeschcorpsen.



2016 goufen 12 Bränn, 148 technesch an 107 First Responder Asätz verzeechent. Also 267 Interventiounen am ganzen. Bei de Bränn sinn 2 Autosbränn, ee méi komplexe Kamäibrand zu Réid, ee Klengbrand um Chantier vum Gemengenhaus zu Conter an de Brand vun engem gréisseren Holzkoup zu Méideng ervirzehiewen. Bei den techneschen Asätz waren d’Pompjeeën alt nees eng Kéier vill domat beschäftegt, Haarespelen ewech ze maachen (47 Asätz) an d’Héichwaasser am Fréijoer huet 46 Asätz mat sech bruecht.



Louis Oberhag

De First Responder Service gouf 107 Mol geruff, dovun 8 Reanimatiounen. An engem Fall konnt dozou bäigedroe ginn, enger Persoun d’Liewen ze retten. Ze bemierken ass, dass de Gros vun den FR-Asätz mam Privatauto gefuer ginn, an dass d’Ambulanz, resp. de SAMU duerchschnëttlech

15 Minutte brauchen, bis si op der Plaz sinn. Dëst ënnersträicht d’Bedeitung vum First Responder Déngscht an eise Gemengen.

Am Beräich vun der Formatioun goufen 18 Übungen ofgehalen, bei enger Duerchschnëttspräsenz vu 24 Leit. Dobäi kommen 2 Gemeinschaftsübungen, 2 Fortbildungscoursen am Corps an 2 First Responder Übungen. 18 verschidde Coursë goufen op de nationale Schoule vu Pompjeeën a Protection Civile besicht.

No engem Photoréckbléck iwwer dat vergaangent Joer, huet de Chef vum SIS eng kleng Surprise presentéiert:

Nancy Schlammes ass mat der Éirenl am Gold vun de Jugendpompjeeë fir iwwer 15 Joer Aktivitéit an dësem Beräich ausgezechent ginn. Si gouf duerch de Regionaljugendleeder Patrick Back iwwerreecht. Den Yves Schumacher ass no 21 Joer an der Verantwortung als Chef de Corps resp. Chef vum SIS zum Éierekommandant ernannt ginn. Hien huet virdrun nach emol e Merci un all seng Weebegleeder an un déi verschidde Gemengeverantwortlech ausgedréckt. Hien huet de Wonsch geäussert, dass de géigesäitege Respekt erëm u Bedeitung soll gewannen an

dass de Corps dem neie Chef un senger Spëtzt déi néideg Ënnerstëtzung zoukomme léisst. Hie wënscht ofschléissend dem Corps alles Guddes, an dass jiddereen ëmmer gesond vun all Asaz heem komme soll. Verschidden Éieregäschthunn uschlëssend d’Wuert ergraff. Dëst waren de Frank Steichen vum Regionalverband Osten, de Jean Bartz



Jean Bartz

als Regionalinspekter an déi zwee Buergermeeschtere vu Conter a Waldbriedemes, Fernand Schiltz a Louis Oberhag. Am Mëttelpunkt vun hire Riede stoung engersäits d’Reform vun de Rettungsdéngschter an d’Situatioun vum Corps, awer och de Merci un all Fräiwëlleg, déi joran, joraus am Déngscht vun der Allgemengheet stinn. Am Schloss un d’Versammlung huet de Louis Oberhag am Numm vun der Gemeng Waldbriedemes op den Éierewäin invitéiert.

De Comité setzt sech folgendermoossen zesummen:

- Krieps Bram, Chef du Service d’Incendie et de Sauvetage
- Gengler Nicolas, Chef de Corps adjoint
- Herbrink Christian, Keessier a Chef de Section
- Kodar Till, Chef de Section
- Garzone Tino a Muller Jos, Bäsëtzend
- Vanden Bergh Pit, Jugendleeder
- Reicher David, Agent professionnel (vun der Gemeng Conter détachéiert)

Nouvellen TV

Op Gronn vun dem grouse Succès vun eiseim Gemeengebuet gouf am lëschte Joer an der Gemeng decidéiert elo och mat Nouvellen TV op Sendung zu goen.

Déi Dréiaarbechten fir de Programm woren den 26. Februar 2017 ënner anerem op der Klaus zu Trënteng. Et gouf e Reportage iwwer Pokemon - Jeeër opgehol

Emissioun vun der Sendung mat der schons legendärer Reporterin Jacky Knall wor den Owend vum 4. a 5. Mäerz 2017 am Veräinsbau Jos Rennel.





Generalversammlung vum Club Equestre Pegasus

Den 12. Mäerz 2017 haten de "Club Equestre Pegasus" an den "Etrier de Luxembourg" hier Generalversammlung am Centre Culturel zu Waldbriedemes, well si wëllen an Zukunft all Turnéier zesummen organiséieren.

Als éischt war Generalversammlung vum Etrier an duerno déi vum CEP.

D'Presidentin vum CEP Françoise Reuter, huet den Här Buergermeeschter an di vill Memberen vum Club häerzlech begrüsst. Si huet allen e grouse Merci gesot fir dat generéist Engagement bei den Turnéier.

D'Sekretärin Jessica Clees huet den Aktivitéitsrapport vun 2016 gemaach. De CEP hat 4 Turnéier, d.h. 2 Sprangan 2 Dressurturnéier organiséiert mat Hëllef vum Etrier. Si haten och op eng 1. Meefeier an eng Chrëschtfeier invitéiert.

D'Jackie Hansen huet e präzise Keeserapport viergeluet, huet Decharge an e grouse Merci fir déi vill Aarbecht kritt.

Duerno stung di aussergewöhnlech Generalversammlung um Programm. D' Verhandlungen tëscht dem CEP an dem Etrier sinn lo endlech erfollegräich ofgeschloss ginn an dat ass wichteg fir kënne besser op nationalem Niveau ze schaffen. Bei der Fusioun ass festgehale ginn, datt de neie Club de Numm CEP behält, dee vun elo un "Club Etrier-Pegasus" genannt gëtt. Di nei Statuten gi mat grousem Applaus vun der Versammlung ugeholl an duerno ass de Präsident, den Här René Elcherot, mat senger neier Equipe applaudéiert ginn.

Dass d'Summerturnéier dëst Joer ausfale mussen, well verschidden Akteuren net zu enger bestëmmter Zäit disponibel sinn, dat ass vun der ganzer Assemblée bedauert ginn.

Zum Schluss sinn nach all erfollegräich Reider geéiert ginn an d'Presidentin Françoise Reuter krut en décke Bouquet Blummen fir hire begeescherten Asaz all di Joren.

De Buergermeeschter, Louis Oberhag, huet de Club fir di vill schéin Turnéier an di genial Zesummenaarbecht während all deene Joren félicitéiert. Deem neie Club huet hien vill Erfolleg a Bonne Chance fir Zukunft gewünscht.

Den Owend ass mat engem Éirewäin an engem gemittlechen lessen beim Scaramouche op en Enn gaangen.

Assemblée générale du CEP Waldbredimus 2017

Le 12 mars le Club Equestre Pegasus et le Club Etrier de Luxembourg se sont réunis pour leurs assemblées générales au Centre Equestre de Waldbredimus en vue d'une coopération dans l'organisation des tournois.

Après l'assemblée générale de l'Etrier ce fut le tour au CEP. La présidente, Françoise Reuter, a souhaité la bienvenue au bourgmestre et à tous les membres. Elle a exprimé ses vifs remerciements pour l'engagement généreux de tous au cours des tournois.

La secrétaire, Jessica Clees, a fait la rétrospective des activités du club. Le CEP, en coopération avec l'Etrier, a organisé 4 tournois c.à.d. 2 tournois de dressage et 2 tournois de sauts d'obstacles. Le club avait invité aussi à une petite réunion pour le 1er mai et pour la fête de Noël.

Jackie Hansen a présenté un rapport de caisse très précis, ce que les réviseurs de caisse ont confirmé avec un grand merci.

Suivait à l'ordre du jour l'assemblée générale extraordinaire. Les négociations entre le CEP et l'Etrier sont enfin couronnées de succès, ce qui est indispensable pour assurer la bonne coopération au niveau national. Lors de la fusion on a décidé de garder le nom de CEP pour le nouveau club, qui dès maintenant s'appelle "Club Etrier-Pegasus". Les nouveaux statuts sont approuvés par l'assemblée et le président, Monsieur René Elcherot, est applaudi avec sa nouvelle équipe.

Toute l'assemblée a regretté le fait que les tournois d'été ne peuvent pas avoir lieu cette année-ci.

En signe de reconnaissance de leur succès pendant la saison passée divers cavaliers sont honorés et la présidente, Françoise Reuter, a reçu un joli bouquet de fleurs pour son engagement depuis longtemps.

Le bourgmestre, Louis Oberhag, a félicité le club pour ses beaux tournois et pour bonne coopération pendant des années. Au nouveau club il a souhaité bonne chance et beaucoup de succès à l'avenir.

La soirée s'est terminée avec un vin d'honneur et un bon repas chez Scaramouche.





Jeder kann vom Hund betroffen sein Tout le monde peut être touché par le chien

Der juristische Rahmen für die Hundehaltung in Luxemburg: *L'encadrement juridique des chiens au Luxembourg*

Loi 9.5.2008 relative aux chiens: Règlement grand-ducal du 9 mai 2008 relatif aux cours de formation des détenteurs de chiens et aux cours de dressage des chiens, Règlement grand-ducal du 9 mai 2008 énumérant les éléments de reconnaissance des types de chiens susceptibles d'être dangereux, Règlement communal 28.3.2007 «Taxe sur les chiens»

 Strafen: Code civil (art. 1385) Code pénal (art 556 usw.)
Informationen: guichet.lu/Famille/Haustiere

Um eine bessere Kontrolle und Identifizierung von Hunden zu ermöglichen und um Hundeeigentümer zur Einhaltung bestimmter Sicherheitsmaßnahmen zu verpflichten, schreibt die Gesetzgebung eine Reihe von Pflichten für Hundehalter vor:

- elektronische Kennzeichnung des Hundes durch einen zugelassenen Tierarzt;
- Anmeldung des Hundes bei der Wohnsitzgemeinde mit Feststellung der Rasse und Tollwutimpfung;
- Entrichtung einer jährlichen Hundesteuer usw. (Für die Haltung potenziell gefährlicher Hunde gelten noch umfangreichere Pflichten/Voraussetzungen.)

Leinenzwang

Jeder Hund muss vor allem innerhalb geschlossener Ortschaften, in öffentlichen Verkehrsmitteln, auf öffentlich zugänglichen Parkplätzen und auf Sportplätzen an der Leine geführt werden.

Außerhalb geschlossener Ortschaften besteht kein Leinenzwang. Selbst wenn der Hund vom Leinenzwang befreit wurde, muss ihn der Hundehalter unter seiner Kontrolle halten und ihn erforderlichenfalls wieder anleinen.

Sonderbestimmungen für potenziell gefährliche Hunde sehen insbesondere vor, dass sie überall an der Leine zu führen sind, sofern sie der Nachweis über die erfolgreiche Teilnahme an Dressurkursen nicht ausdrücklich hiervon befreit. In diesem Fall gelten für sie die gleichen Bestimmungen wie für andere Hunde.

Hundekot

Die Hundehalter sind verpflichtet, die Hinterlassenschaften ihres Tieres selbst zu beseitigen.

Die Gemeindeverwaltung ruft alle Hundehalter auf, dieser Verpflichtung nachzukommen.

 Répressions : Code civil (art. 1385) Code pénal (art 556 et st) Infos : [guichet.lu/Famille/Animaux domestiques](http://guichet.lu/Famille/Animaux_domestiques)

Afin d'améliorer le contrôle et l'identification des chiens et obliger les propriétaires de chiens à respecter certaines mesures de sécurité, la législation impose un ensemble d'obligations aux détenteurs de chiens :

- Identification électronique du chien par un vétérinaire agréé ;
- Déclaration du chien à la commune de résidence avec identification de la race et vaccination antirabique ;
- Paiement d'une taxe annuelle, etc. (Un ensemble d'obligations supplémentaires existe pour la détention de chiens susceptibles d'être dangereux.)

Tenue en laisse du chien

Tout chien doit être tenu en laisse notamment à l'intérieur des agglomérations, dans les transports en commun, sur les parkings ouverts au public et sur les terrains de sport.

A l'extérieur des agglomérations, il n'y a pas d'obligation de port de la laisse. Même si le chien est dispensé du port de la laisse, le propriétaire doit le garder sous son contrôle et le reprendre en laisse en cas de besoin.

Pour les chiens susceptibles d'être dangereux, des dispositions spéciales prévoient notamment qu'ils doivent être tenus en laisse en tout lieu, à moins que le diplôme attestant la réussite à des cours de dressage ne les en dispense expressément. Dans ce cas, ils répondent aux mêmes dispositions que les autres chiens.

Excréments de chien

Les propriétaires de chiens sont tenus d'éliminer les excréments de chiens de leur animal eux-mêmes.

L'administration communale demande à tous les propriétaires de chiens de respecter cette disposition.



Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischtendall

D'Generalversammlung fir d'Joer 2017 ass Donneschdes, de 16. März 2017 am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes ofgehal ginn.

Et war eng gutt besichte Versammlung. D'Presidentin Astrid Federspiel konnt 24 aktiv Memberen begréissen, ënner hinnen de Buergermeeschter Louis Oberhag an d'Schäffen Thomas Wolter an Martin Bohler.

De Sekretär Martin Bohler huet en Iwwerbléck vun den Aktivitéiten 2016 gemaach.

De Veräin huet 109 Memberen, dovun 33 aktiv Memberen déi regelméisseg un den Aktivitéiten vum Veräin deelhuefen.

De Komitee huet sech a 7 Sätzungen getraff. Desweideren waren 13 "Porte Ouverten".

Den 21. Juni war no der "Porte Ouverte" am Restaurant "Chalet" zu Remerschen eng Besichtigung vum Biodiversum am Naturschutzgebiet.

Den 13. Juli war eng Visite vun de "Caves St-Martin" zu Réimech.

E flotten Ausflug mat der "Princesse Marie-Astrid" ob Saarburg war den 22. September.

Déi traditionel Mammen- a Pappendagsfeier war den 17. November am Restaurant Hammes zu Perl (D).

De 4. Oktober war d'Porte Ouverte zesummen mat de Senioren vu Weiler am Vitarium vun der Luxlait, an duerno eng Visite vun der "Chocolaterie de Bissen".

D'Chrëschtfeier war den 16. Dezember am Restaurant "Delicious" zu Sandweiler. De Programm 2017, gesäit niewent de "Porte Ouverten" déi all Mount sinn, och nach eng Visite vum Police-Museum, den 17. August fir.



Chrëschtfeier 2016 am Restaurant "Delicious" zu Sandweiler,



De Keesebericht vum Astrid Federspiel ass am Detail ënnert d'Lupp geholl ginn an am Numm vun de Keesserevisoren huet de Georges Birkel eng ausgezeechent Keesefeierung bestätegt an d'Entlaaschtung vun der Generalversammlung gefrot.

Austriedend am Komitee war d'Suzette Moes dat vun der Generalversammlung fir e weidert Mandat bestätegt ginn ass.


Och d'Keesserevisoren Norbert Moes, Georges Birkel an Annette Bohler-Mousel si fir déi nächst Period bestätegt ginn.

Ob Proposition vum Komitee bleift de Beitrag fir d'Memberskaarten onverännert bei minimum 10 Euro.

De Buergermeeschter Louis Oberhag, huet am Numm vun der Gemeng Merci gesot fir d'Aarbecht, déi de Veräin am Laf vum Joër geleescht huet, a besonnesch déi regelméisseg Aktivitéiten ervirgestrach, an och weiderhin déi voll Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.



*Den Ausflug mat der Marie-Astrid op Saarburg ...
... eng Visite an de Caves St-Martin zu Réimech ...
... am Vitarium vun der Luxlait ...
... an der "Chocolaterie de Bissen"*



Fréijoersreceptioun vum Club Syrdall zu Waldbriedemes



De Club Syrdall huet och dëst Joer erëm op e Patt invitéiert. Et war e gemittlechen Evenement, zu deem virun allem d'Clienten vum Club Syrdall invitéiert waren. Dëst, fir sech an enger entspaanter Ambiance ze begéinen, fir mateneen ze poteren an eppes Klengs z'iesse, oder ze drénken.

De President, Fabio SECCI, huet a senger interessanter Ried op d'Aarbecht vum Syrdall Heem higewisen, an och de gesellschaftlechen Zesammenhang vun der Aarbecht beschriwwen. D'Syrdall Heem offrëiert nieft 2 Foyers de Jour och nach de Service „Aides et Soins à Domicile“ an de Club Syrdall.



Den Gerry GROSSER, Direkter vum Club Syrdall, huet iwwert d'Erfenisser vum leschte Joer geschwat an iwwert d'Pläng vum Club.

De Buergermeeschter Louis Oberhaag huet op déi gesellschaftlech Entwécklung higewisen. Et ass gewosst, dass d'Gesellschaft ëmmer méi al gëtt. Mä déi gewonne Joren kënnen ganz wäertvoll Joer ginn. Net nëmmen, fir den eenzelen Bierger, mä och fir ons ganz Gesellschaft.

Duerno huet de Buergermeeschter op e Patt an exzellent Schnittercher invitéiert, déi vun der Waldbriedemesser Gemeng offrëiert goufen.


D'Receptioun huet an enger ganz flotter a gudder Ambiance nach laang gedauert. Et ass e Rendez-vous, deen een sech schonns fir datt nächste Joer mierke soll.



Grous Botz an der Gemeng



Nos participants au 'Relais pour la vie' 2017



Marcelle Mangen	Lina Falschero-Russo
Marc Wittman	Pascale Gengler
Iva Mrazkova	Jang Thurmes
Anouk Cordewener	Millie Thurmes
Max Cordewener	Malou Weber
Mariette Lippert	Delphine Kirsch
Thomas Wolter	Maggy Lommel
Marina Wolter	Billie Troes
Paul Rees	Paula Cuhna
Vanessa Rees	Lidia Bento
Yasmine Zimmer	Brigitte Fournel
Roger Hack	Helmy Mathias
Berto Reijnders	Louis Oberhag
Sylvie Lauer	Famille Kent





HOTEL um ronnen Eck

Dëst Joër hat de Cercle Culturel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus déi grouss Chance, dass de Christian BALTHASAR, laangjährege Member vun eisem Veräin, eis en Theaterstéck geschriwwen huet. Et war e knackegt Stéck an 3 Akten. Wat alles an deem Hôtel gelaf ass a virun allem wéi e Film do sollt gedréint ginn, dat konnt een alles an 2 Theaterowender bei eis am Veräinsbau Jos RENNEL zu Waldbriedemes gewuer ginn.

D'Uropféierung war Freides, den 31. Mäerz 2017 an et gouf och nach Samsdes, den 1. Abrëll 2017 gespillt.

Eng wonnerbar Ambiance, duerch déi vill Leit déi op deenen zwee Owenter kucke komm sinn, huet zum vollen Erfolleg vun dëser Manifestatioun bäigedroen.





Generalversammlung vun „Eis Kierch-Eis Uergel Waldbriedemes“

2017
03|04

„Eis Kierch-Eis Uergel“ huet méindes, den 3. Abrëll 2017, hir Generalversammlung ofgehalen. De Sekretär Georges Birkel huet ee kleng Réckbléck op dat verga-
angent Joer gemaach mat dem Concert „Les 5 gourmets“
an der Kierch vu Waldbriedemes. Wéi schonns am Joer
vir drun wor d’Kierch bal ze kleng fir déi vill Museksfrënn
z’empfänken. Kllassesch a modern Kompositiounen fir

Blosinstrumenter hunn d’Leit begeeschtert. Och fir dëst
Joer ass erëm am Hierscht ee Concert geplangt.

Nodeems d’Caissière Helmy Mathias eng gesond
Finanzsituatioun virweise konnt, huet de President
Aloyse Greisch der Gemeng an alle Membere Merci gesot
fir hir Ennerstëtzung an hir Mataarbecht.



Generalversammlung a Kéisowend vum Frëndeskrees Kamerun 2017



Voller Freed huet de Komitee vum FK seng Gäscht den 7. Abrëll fir hir GV mat uschlëssendem Kéisowend konnte begrëissen.

Houfreg ass de Frëndeskrees iwwert d'Nouvelle datt de Ministère des Affaires Etrangères et de la Coopération och déi nächst 5 Joer eise Projet ënnerstëtzt an dofir den Accord-cadre mat Partage.lu ënnerschriwwen huet, zesummen mam Frëndeskrees Kamerun.

Dat bedeit datt de Staat sech och finanziell déi nächst Joeren mat 80% bedeelegt un eis Projeten: „CATE“ an „CEPASE“

- Le Centre d'Accueil Temporaire d'Efoulan - **CATE**. Son but ultime est de prendre en charge les nombreux orphelins et jeunes vulnérables à cause du Sida et de donner une nouvelle stabilité aux enfants éprouvés et de les réinsérer au sein de leur famille ou de leurs communautés.
- Centre de Promotion des Activités Socio-économiques – **CEPASE**. Formation/Insertion des jeunes orphelins et enfants vulnérables dans les métiers agricoles au « Centre de Promotion des Activités Socio-économiques » (CEPASE) de Nkoabang.

De CATE gëtt schonns zënter 2009 vum Frëndeskrees betreit a finanziell ënnerstëtzt an et konnten do ëmmerhin schonns iwwert 300 Weesekanner opgehol ginn. Mir wäerten och déi nächst Joren, besonnesch iwwert Parrainagen de finanziellen Deel opbréngen.

De Projet CEPASE, eng landwirtschaftlech Ausbildung fir Jonker huet elo eng weider Formatioun ugefaangen a gëtt de Jonken d'Méiglechkeet fir mat engem

Ofschloss-Certificat hiert Liewen selwer an d'Hand ze huelen.

De finanziellen Beitrag vum Frëndeskrees Kamerun beleeft sech fir déi nächst 5 Joer all Joers em 28.000€.



Den Här Buergermeeschter Louis Oberhag huet, wéi schonns déi Joren virdrun, de Frëndeskrees begléckwënscht fir de Courage an d'Energie déi d'Memberen opbréngen, fir sech fir mannerbemëttelt Mënschen anzesetzen.

Nous sommes conscients que nos projets pourront être efficaces comme lutte contre le flux actuel de réfugiés africains vers l'Europe.

Le comité du « Frëndeskrees Kamerun » :

- Léon Kraus, président,
- Marie-Paule Arendt-Brosius, vice-présidente,
- Monique Roesgen, trésorière avec les membres Raymond Brosius, Christian Hourscht, André Ludovicy et Annette Scholer.

Avec 40 € le Centre d'Accueil de l'Espoir à Yaoundé/ Cameroun (CATE) aura les moyens pour subvenir pendant un mois à tous les besoins d'un des enfants-orphelins du SIDA (nourriture, éducation, soins médicaux ...)

50 € par mois contribueront à une formation en agriculture avec certificat à des jeunes. (CEPASE)

MERCI pour votre don au „Frëndeskrees Kamerun“ CCPL LU92 1111 2995 2788 0000

regardez aussi sous www.frëndeskreeskamerun.lu

Les dons sur le compte de notre partenaire Partage.lu (Bridderlech Deelen) sont fiscalement déductibles.

*Compte : PARTAGE.LU CCPL LU 74 1111 1261 0097 0000
veuillez mentionner: projet Frëndeskrees Kamerun*

Prouwestage zu Waldbriedemes

De Weekend vum 7. bis 9. Abrëll huet d'Trëntenger Musek e Prouwestage, als Virbereedung op hiren Galaconcert, zu Waldbriedemes organiséiert.

Et stoungen Regëster an Tuttisprouwen um Programm. No engem ustrengenden Dag, ass samschdes owes zesummen gegrillt ginn. Sonndes moies war nach eng Kéier eng Tuttisprouf.



Fréijoersturnéier zu Waldbriedemes 2017

De Weekend vun Ouschteren haten de CEP (Club équestre Pegasus) an den EL (Etrier de Luxembourg) hiert Fréijorsturnéier zesummen organiséiert. Samschdes a sonndes waren Sprangprüfungen um Programm a méindes sinn Dressurprüfungen ugebuede ginn.

Vill Reider waren komm fir sech mat der Konkurrenz ze moossen. Och wann Wieder schlecht war, hunn d'Reider sech dach all Méi ginn fir schéine Reitsport ze weisen. Um Programm fir Sprangreider ware Prüfungen vun de Klassen E, A*, A** bis L an M*.

Dressurreider haten och Prüfungen vun de Klassen E, A*, A**, L an M. Fir di kleng Dressurreider gouf et e Reiderwettbewerb mat Schrëtt-Trab an och een mat Schrëtt, Trab a Galopp.

Le weekend de Pâques les 2 clubs CEP et EL ont organisé ensemble leurs tournois de printemps. Le samedi et le dimanche les épreuves de sauts étaient au programme et le Lundi de Pâques on offrait des épreuves de dressage.

Beaucoup de cavaliers étaient présents pour participer à la compétition. Malgré un temps pluvieux les cavaliers se sont passionnés pour montrer un concours hippique intéressant. Le samedi et le dimanche on offrait des épreuves de sauts des classes E, A, A**, L et M*.*

Le Lundi de Pâques les cavaliers montaient leurs chevaux pour des épreuves de dressage des classes E, A, A**, L et M. Pour les petits cavaliers on avait prévu une épreuve au pas et au trot et une autre au pas, trot et galop.*





Generalversammlung vum Cercle Culturel et d'Initiative



Roland Milbert

De Cercle Culturel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus huet samschdes, den 22. Abrëll 2017, seng Generalversammlung am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes ofgehalen. D'Begréissung ass duerch de President Christian GREISCH gemaach ginn. No

deen verschiddenen Berichter vum Sekretär a vum Keessier, déi all gutt geheescht goufen, gouf de weidere Programm 2017-2018 virgestallt an ugeholl.

De Comité besteet aktuell aus 8 Leit.

Desweideren huet de Roland MILBERT, President vun der ONG „Fondation Luxembourg – El Salvador“, d'Wuert kritt. Am Kader vun den 40 Joer Feierlechkeeten vun eise Veräin huet de Roland DVD'en mat verschiddenen Aktivitéiten vum Cercle Culturel verkaaft an den Erléis ass fir d'ONG „Fondation Luxembourg – El Salvador“. De Roland huet eis dës ONG kuerz virgestallt.

Eier de President d'Schlusswuert geschwat huet, huet de Buergermeeschter, Louis OBERHAG, dem Veräin Merci gesot fir déi wäertvoll Aarbecht déi de Cercle Culturel scho säit iwwer 40 Joer an der Gemeng mécht. Hien huet eis alles Guts fir d'Zukunft gewünscht an eis d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng versprach.

Zum Ofschluss ass et nach e gudde Maufel z'iessen ginn.

Die Gemeinde Waldbredimus ehrt seine Landesmeister.

Am 27. April hatte die Gemeindeverwaltung alle Bürger eingeladen um unsere Landesmeister zu ehren. Die Sportler wurden dabei von unserer Musikgesellschaft empfangen. Nicht ohne Stolz erwähnte der Bürgermeister Louis Oberhag dass in unserer kleinen Gemeinde nicht weniger als sechs nationale Meister ihren Wohnsitz haben. Folgende Sportler erhielten eine schöne Trophäe als Erinnerung an diesen Tag.

- Akis Thomas (Badminton)
- Juno Thomas (Badminton)
- Michelle Langers (Tennis)
- Malou Kutten (Tennis)
- Edie Rees (Cyclocross)
- Scott Thiltges (Cyclocross)

Mit einem Ehrenwein ging dieser sympathische Abend zu Ende.

La Commune de Waldbredimus à l'honneur de ses champions nationaux

Le 27 avril l'Administration Communale de Waldbredimus avait invité tous nos habitants pour honorer nos champions nationaux. Les sportifs ont été accueillis par la société musicale de notre commune. Le bourgmestre Louis Oberhag était très fier de présenter parmi les habitants de notre petite commune six champions nationaux. Les sportifs suivants ont reçu un joli trophée comme souvenir de ces beaux moments.

- Akis Thomas (Badminton)
- Juno Thomas (Badminton)
- Michèle Langers (Tennis)
- Malou Kutten (Tennis)
- Edie Rees (Cyclocross)
- Scott Thiltges (Cyclocross)

Un vin d'honneur a cloturé la soirée.



Meefeier Trëntenger Musek



1. Mee Feier Cercle Culturel et d'Initiative





Naturschutz in Ihrer Gemeinde : Biologische Station SIAS

Die Gemeinde Waldbredimus führt in Zusammenarbeit mit der Biologischen Station SIAS und dem Förster konkrete Naturschutzprojekte durch. Interessierte Bürger können sich an den Projekten beteiligen indem sie beiliegendes Formular ausgefüllt an die Biologische Station senden.

Protection de la nature dans votre commune : Station biologique SIAS

La commune Waldbredimus réalise, en collaboration avec la station biologique et le préposé forestier divers projets dans le domaine de la protection de la nature. Les citoyens intéressés peuvent participer à ces projets en retournant le formulaire annexé dûment rempli à station biologique.

Biologische Station SIAS unsere Tätigkeitsfelder

Naturschutz und Landwirtschaft
Umsetzung des nationalen Biodiversitätsprogrammes mit den Landwirten
agriculture et protection de la nature
mise en oeuvre du règlement g.d. biodiversité

Bongerten (Streuobstwiesen)
Altbaumpflege, Neupflanzung, Erhaltung regionaler Obstsorten und deren Vermehrung;
Schnitt- und Veredlungskurs
vergers
plantation et entretien d'arbres fruitiers, conservation des variétés régionales, cours pratiques de taille d'arbres et de greffage

Information, Sensibilisierung, Naturschutzberatung
für Privatpersonen, kommunale Dienststellen und Landwirte
information, sensibilisation et conseil
pour personnes privées, administrations communales et agriculteurs

Strukturelemente der Landschaft
Hecken, Solitäräume, Kopfwäldchen, usw.
Pflege, Rückschnitt und Anpflanzung
Entretien, taille et plantation
d'arbres, de haies et de saules têtards dans la zone verte

Artenschutz
Schutzprojekte für bedrohte Tier- und Pflanzenarten
protection des espèces menacées
de la faune et flore

Kleingewässer
Anlage und Pflege von naturnahen Tümpeln und Weihern im Offenland
plans d'eau
creation de plans d'eau au milieu ouvert

Antragsformular für Naturschutzarbeiten
Demande pour travaux effectués dans le cadre de la protection de la nature

ANGABEN ZUR PERSON / DONNÉES PERSONNELLES

Name / Nom: _____
Vorname / Prénom: _____
Adresse: _____
Tel / Fax / E-mail: _____

Einsendeschluss / Date limite d'envoi: 15.08.2017

bitte einsenden an / à renvoyer à:
Biologische Station SIAS • 5 rue de Neuhäusen • L-2633 Senningerberg
sias@sias.lu • Tel. 34 94 10 25, -26, -27

Ort / Lieu: _____ Datum / Date: _____ Unterschrift / Signature: _____

RECHTELIGE INFORMATION: Praktische Naturschutzmaßnahmen können nur in der Weise, außerhalb der Witterungsperiode, ausgeführt werden, die besondere Planung der Arbeiten findet. Die beantragten Maßnahmen können nur im Rahmen der vorhandenen und künftigen Budgetmittel durchgeführt werden.

INFORMATION IMPORTANTE: Les mesures de protection de la nature ne peuvent être exécutées que sur les terrains situés en zone verte, en dehors des agglomérations. Une étude des besoins doit précéder l'exécution des travaux sollicités. Les travaux sollicités ne peuvent être exécutés que dans la mesure des moyens budgétaires finaux disponibles.

Beantragte Maßnahmen / Travaux sollicités:

I. Schnitt / Pflege / Anpflanzung von Bäumen od. Hecken
Taille / entretien / plantation d'arbres ou de haies

	Anpflanzung Plantation	Schnitt/Pflege Taille/entretien	Anzahl Nombre	Gemeinde Commune	Kataster-Nr. N° cadastre
Hochstammobstbäume / Arbres fruitiers à haute tige					
Kopfwäldchen / Saules stériles					
Solitäräume / Arbres solitaires					
naturnaher Hecke / Haie naturelle					

II. Beratung / Conseils

Ich möchte eine Beratung haben zu folgendem Thema:
J'aimerais être conseillé sur le thème de:

☐ Natur ums Haus / nature aux alentours de la maison

☐ Naturschutz auf dem landwirtschaftlichen Betrieb / protection de la nature sur exploitation agricole

☐ Biologischer Pflanzenschutz / phytosanitaire biologique

☐ Sonstiges / autres

III. Sonstiges / Autres travaux

☐ Bestellung von Weidenmaterial / Commande des saules (branches de différents diamètres)

☐ Bestellung von Nistkästen / Commande de nichoirs

☐ Anlage eines naturnahen Viehhäus / Aménagement d'un étang naturel

☐ Ich möchte an einem Obstbaumschnittkurs teilnehmen / J'aimerais participer à un cours de taille pour arbres fruitiers

Formular senden an / à renvoyer à: Biologische Station SIAS • 5, rue de Neuhäusen • L-2633 Senningerberg
Tel.: 34 94 10 25, -26, -27 • Fax: 34 94 10 40 • sias@sias.lu



An dëser Nummer

Vereinsubsidien wurden genehmigt	5	Nouvelles TV	26
Ernennung von Personal für die «Maison Relais»	6	Generalversammlung vum Club Equestre Pegasus	27
Zwei PAP in Roedert genehmigt	6	Jeder kann vom Hund betroffen sein	29
Éierung vun eise Pensionäre	7	Tout le monde peut être touché par le chien	29
National Meeschteren am Cyclocross	8	Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischendall	30
Generalversammlung von der Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes	10	Fréijoersreceptioun vum Club Syrdall zu Waldbriedemes	32
Generalversammlung vun der Trëntenger Musek	12	Grous Botz an der Gemeng	33
Pot de Bienvenue	14	Nos participants au 'Relais pour la vie' 2017	33
Vereedegung vum Charel Faltz	14	Hotel um ronnen Eck	34
Neijoerschfeier vun der Gemeng	15	Generalversammlung vun „Eis Kierch-Eis Uergel Waldbriedemes“	35
Cyclocrosswelt-meisterschaft in Bieles	16	Generalversammlung a Kéisowend vum Frëndeskrees Kamerun 2017	36
D'Kanner gi lichten	17	Prouwestage zu Waldbriedemes	37
Iesse fir déi aktiv Pomjeeën (SIS CCW) zu Éiter	17	Fréijoersturnéier zu Waldbriedemes 2017	37
Iwwerreechung vum alen TLF5000 un de Cap Vert	18	Generalversammlung vum Cercle Culturel et d'Initiative	38
D'Trëntenger Musek huet Fueskniet gebak	19	Die Gemeinde Waldbredimus ehrt seine Landesmeister	39
Fuesbal an der Auberger de Trintange	20	1. Mee Feier	40
Kannerfuesbal 2017	20	Naturschutz in Ihrer Gemeinde	42
Festival des Migrations	21		
Fuesrevue 2017	23		
Generalversammlung a Bilan vum SISCCW	24		

Manifestationskalender

31.07.2017	Gemeinderatssitzung
02.09.2017	Nuetsrallye zu Waldbriedemes, org. Trëntenger Musek
17.09.2017	Initialisatiounscours GEOCACHING, org. Jugend- an Sportskommissioun
30.09.2017	IVV Wanderung zu Bous, org. Kiischtetreppler
06.10.2017	Studenten- a Sportleréierung zu Waldbriedemes
07.10.2017	Kommemoratiounsfeier zu Trënteng
07.10.2017	Feierläscheraktioun am Centre d'Intervention Moutfort (rue Soibelwee) vu 9 bis 12h
08.10.2017	Gemengewalen
21.10.2017	Theater Trëntenger Bühn, Centre Cult. Waldbriedemes
28.10.2017	Theater Trëntenger Bühn, Centre Cult. Waldbriedemes
04.11.2017	Hämmelsmarsch zu Trënteng
12.11.2017	Kiermesiessen zu Éiter, Centre culturel "am Medenpoull", org. TT Eiter-Waldbriedemes
19.11.2017	Cäcilienfeier zu Trënteng
24.11.2017	Kéisowend zu Waldbriedemes am Centre Jos Rennel, org. TT Eiter-Waldbriedemes



Eis Fotografen

Liz Bohler	691 698 512
Steve Hopp	691 355 128
Vanessa Rees	621 260 882
Marc Schumacher	621 786 271
Pol Thiltges	621 192 861
Jouko Menger	

Informationskommissioun

Georges Birkel	23 67 64 19
Liz Bohler	691 698 512
Martin Bohler	691 250 300
Erika Urhausen-Cramer	621 426 653
Marcelle Mangel-Friederich	23 66 83 96
Gilbert Godart	23 66 03 46
Steve Hopp	691 355 128
Jos Jung	39 83 01
Jouko Menger	26 35 03 78
Fabio Secci	621 256 760
Pol Thiltges	621 192 861
Leslie Wilson	26 35 08 97
Thomas Wolter (Präsident)	621 240 689